



Antwort vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro N° 3674 vum 19. Februar 2026 vum honorabelen Deputéierten André Bauler zum Sujet "Radar à Erpeldange".

- 1. Kéint den Här Minister matdeele wéi vill Gefierer den 12. Februar 2026 zu Ierpeldeng geblëtz goufen ?**

Den 12. Februar sinn zu Ierpeldeng/Sauer 31 Gefierer geblëtz ginn.

- 2. Gouf besote Radar déi Woch nach op anere Plazen an der Nordstad opgestallt ? Wa jo, wou ? Wéi vill Gefierer goufen do geblëtz ?**

An der Woch vum 9. Februar gouf et nach eng Kontroll mam mobile Radar an der rue Bamertal (N7) zu Diekrech. Hei goufen 55 Gefierer geblëtz.

- 3. Wéi vill mobil Radare sinn de Moment a Betrib a kënnen iwver Land agesat ginn ?**

D'Police disposéiert iwver 5 mobil Radaren.

- 4. Wéi vill Gefierer goufen 2025 duerch mobil Radare geblëtz ?**

2025 goufen 52970 Gefierer duerch mobil Radaren geblëtz.

Lëtzebuerg, de 16. Mäerz 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden